



N° 6327
Reçue le 10.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.06.2022

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/06/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Premierminister an d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Justiz weiderzeleeden.

Bei engem Privatdetektiv handelt et sech ëm eng Persoun, déi als Selbstännege géint Bezuelung Ermëttlungen duerchféiert. Geet et dobäi meeschtens em finanziell Streidegkeeten, sou kann et virkommen, dass sech d'Privatdetektiven während hiren Ermëttlungen a legale Grozone, voire an der Illegalitéit, beweegen.

Virun allem aus Filmer a Bicher bekannt, stelle Privatdetektiven allerdéngs keng Fiktioun duer. Si offrëieren Servicer, op déi theoretesch all Mënsch zeréckgräife kéint. Sou geet eng Internetrecherche duer, fir eng Rëtsch vun Ubidder vun esou Servicer am Raum vun der Groussregioun ze fannen.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wei ee Gesetz reegelt de legale Kader fir d'Professioun vum Privatdetektiv a wéi eng ethesch Grondprinzipien musse si respektéieren?
2. A wéi fern dierfe Privatdetektiven op d'Date vun enger anerer Persoun zeréckgräifen?
3. Wat sinn d'Ausbildungskritären, fir de Beruff vum Privatdetektiv ausüben ze kënnen?
4. Wéi kann ee Bierger sech dogéint schützen, wann e mierkt, dass een Detektiv op en ugesat ass? Wat fir Ulafstelle kënnen Bierger a sou engem Fall consultéieren?
5. Sinn der Ministesch Fäll bekannt, an deenen Amts-/Mandatsträger oder Staats-/Gemengebeamte vu Privatdetektive ausspionéiert goufen? Falls jo, wéi oft gouf dëst konstatéiert a wat fir Measure goufe geholl?
6. Wéi vill Fäll goufen et an de leschte 5 Joer, wou Privatdetektive vun hiren Zilpersounen ugesicht goufen?
7. Kann et virkommen, dass d'ëffentlech Hand op Servicer vu Privatdetektive zeréckgräift? Falls jo, wéi oft ass dëst an de leschte 5 Joer virkomm a wei eng ëffentlech Instanze waren den Optraggeber?



www.piraten.lu

8. Kënnt et och vir, dass de SREL oder d'Police mat Privatdetektiven zesummeschaffen?

Mat déiwem Respekt,

A handwritten signature in black ink, consisting of several fluid, overlapping strokes that form a stylized, somewhat abstract shape.

GOERGEN Marc

Député

